Fédération Luxembourgeoise des Pêcheurs Sportifs A.s.b.l.

placée sous le Haut-Patronage de S.A.R. le Grand-Duc Jean de Luxembourg †
affiliée à la C.I.P.S. et au C.O.S.L.

47, rue de la Libération L-5969 ITZIG Tél. 36 65 55 http://www.flps.lu E-Mail : secretariat@flps.lu

Itzig, den 26. Juni 2020

Un d'Vereiner an d'Sektiounen vun der FLPS

Kolleginnen a Kollegen

De Conseil Supérieur de la Pêche war den 24. Juni 2020 zesumme geruff gin, an dat no der leschter Sitzung vum 13. Dezemer 2017 !

Hien besteet aus 9 Memberen, een dervun ass de Präsident vun der FLPS.

Mir publizéieren den Detail vun der Sitzung, wa mir bis e Compte rendu hun.

Hei awer dat Wichtegst, dat iech all interesséiert :

- Et gët en **neit Fëschereigesetz** ausgeschafft.
- Dofir sollen am Virfeld **Aarbechtsgruppen** gebild gin, déi un dem Gesetz schaffen. Mir sin invitéiert, fir do matzeschaffen.
- Wa mir **d'Themen** bis kennen, da melle mir eis bei iech. Bis elo ass guer neischt bekannt.

Wichteg Informatioun:

Fréistens am Joer 2022 kann dat Gesetz an der Chamber gestëmmt gin. Am Kloertext heescht dat, datt 2021 an 2022 wéi bis elo Konkuren dierfe gefëscht gin (onofhängeg vun dem, wat an d'Gesetz stoe kënnt).
Dir kënnt also déi 2 nächst Saisonen préparéieren.

J.S.